PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

n° 3851

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 15:00, 12/03/2021

Lëtzebuerg, , , den 12/03/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

Aus enger rezenter Entrevue mat der *Association luxembourgeoise des ingénieurs-directeurs et ingénieurs-directeurs adjoints des syndicats de communes (ALID asbl)* geet ervir, datt an der Legislatioun vum Gemengegesetz an iwwert d'Gemengesyndikater grouss Lacunnen existéieren, wat de geneeë Statut an d'Kompetenze vun den Direkteren (méi präzis den ingénieurs-directeurs an den ingénieurs-directeurs adjoints) an de Gemengesyndikater ugeet. Dës si vun hire Syndikat-Komiteeën op de Poste gewielt ginn a këmmeren sech ëm d'Dagesgeschäft vun de Syndikater.

Si droen zwar den Titel Direkter, hunn awer eigentlech net di legal Kompetenzen an den Handlungsspillraum vun engem Direkter. Si hu keng Delegatioun de Signature an däerfen deemno offiziell mol net eng Commande ënnerschreiwen. Si hu kee Präsenzrecht a keng berodend Funktioun an de Büros- a Comitéssëtzungen an och net de rechtleche Pouvoir fir deene ville Mataarbechter, déi hinnen ënnerstallt sinn, Uerderen z'erdeelen. De Risiko, sech strofbar ze maachen, ass konkret a permanent.

D'Verantwortung vun dësen Direkteren ass deemno eng «responsabilité de fait», mee se misst awer, der Realitéit no, eng «responsabilité de droit» sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Huet d'Inneministesch Kenntnis dovunner, datt d'Tätegkeete vun den ingénieurs-directeurs an den ingénieurs-directeurs adjoints am Moment nach ëmmer keng richteg Base legale hunn, respektiv net vollstänneg dovu gedeckt sinn?

2. Plangt d'Inneministesch, datt d'Direkteren een Ënnerschrëftsrecht, änlech wéi d'Direkteren aus de Staatsverwaltunge kréien?

3. Missten d'Direkteren net och e Präsenzrecht an eng consultativ Stëmm an de Sitzunge vun hire jeeweilege Gremie vun de Syndikater kréie fir déi Beräicher, wou si d'Soen an d'Expertise hunn?

4. Misst net och dat Weisungsrecht, wat si hirem Personal géigeniwwer hunn, gesetzlech

verankert ginn?

5. Wéi wäit ginn d'Iwwerleeungen am Interieur, fir dëse Fuerderunge gerecht ze ginn?

6. Wäert dës Lacune virun der Ëmsetzung vum Gemengegesetz gesetzlech gereegelt ginn? Wäert op mannst virum Enn vun dëser Legislatur eng Iwwergangsléisung agesat ginn, wou d'Ënnerschrëftsrecht, d'Präsenzrecht an d'Weisungsrecht gesetzlech gereegelt ginn? Falls nee, wat schwätzt dogéint?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 12 mars 2021

Objet : Question parlementaire n° 3851 du 12.03.2021 de Monsieur le Député Marc Goergen - Compétences des directeurs des syndicats communaux

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés